ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Den 1. Juni huet d'EU-Kommissioun sech op nei Steierreegele fir Entreprise mat engem Joresëmsaz iwwer 750 Milliounen Euro gëeenegt. Si mussen hiren Ëmsaz, hir Beneficer, d'Zuele vun hire Mataarbechter an déi ofgefouert Steiermontanten zukünfteg opgeschlësschelt no EU-Land publizéieren. Vill ONGe gesinn heira laut dem Artikel "*Es werde Licht*", deen den 2. Juni am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, eng Méiglechkeet fir déi legal Steieroptiméierung vu sou Firmaen ze "*bekämpfen*". Obwuel et sech hei em ganz legal betriblech Mesuren handelt, ass effektiv säit Joren a wäiten Deeler vun der nationaler an internationaler Press, an och bäi villen europäesche Parteien eng Tendenz ze beobachte, fir des Praxis moralesch unzeprangeren an enger Illegalitéit gläichzestellen. Et sief duerfir drun erënnert, datt privat Firmaen nom Aktionärsrecht dozou verpflicht sinn, fir déi legal Méiglechkeete vun der Steieroptiméierung sou wäit wéi méiglech ze notzen, fir am beschte Sënn vun hiren Aktionäre ze handelen.

Weider heescht et an deem uewen zitéierten Artikel aus dem Lëtzebuerger Wort, datt déi Lëtzebuerger Widderstänn géint des Reform doduerch ëmgaange goufen, andeems de Sujet net dem Stëmmrèglement zu Steier- mee Comptabilitéitsfroen ënnerstallt gouf, sou, datt des Decisioun just eng qualifizéiert Majoritéit, awer keng Unanimitéit virausgesat huet.

An deem Zesummenhang géife mir dem Här Finanzminister gär des Froe stellen:

1) Wéi eng Appreciatioun huet d' d'Regierung iwwer dës nei Regelung? Ass et korrekt, datt dëst als Comptabilitéitsmossnahm duergestallt gouf fir d'Eestëmmegkeet ze emgoen? Wa jo, huet d'Regierung probéiert den Ordre du jour änneren ze lossen? Wéi huet si ofgestëmmt?
2) Wéi gedenkt d'Regierung d'Interesse vun der Finanzplaz Lëtzebuerg an Zukunft op EU-Niveau ze verteidege, wa si duerch fragwürdeg juristesch Interpretatioune sou liicht iwwerstëmmt ka ginn, wéi am aktuelle Fall?
3) Steet d'Regierung am Austausch mat aneren EU-Partner wéi Holland an Irland, deenen hir Interesse vun dëser Decisioun och potenziell negativ betraff sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742